N° 7472
Entrée le 20.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7472 vum 16. Januar 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.**

**Firwat gëtt et de Moment nach keen Arrêt fir den 170 an der ZANO-Fridhaff?**

D'RGTR Linn 170 Huldang – Dikrech – Ettelbréck ass eng Express Linn a fiert dowéinst op Héicht vun der Aktivitéitszon ZANO um Fridhaff de schnellst méiglechste Wee iwwer d'Schnellstrooss B7. D'Busarrêt'en op der Nationalstrooss N27B, déi duerch d'Aktivitéitszon féiert, kënnen net vun der Linn 170 ugefuer ginn, ouni grouss Zäitverloschter fir dës Busverbindung a Kaf ze huelen.

**Ass et méiglech fir sou séier wéi méiglech en Arrêt fir d'Buslinn 170 an der ZANO virzegesinn fir esou de beruffstätege Leit entgéint ze kommen?**

Am Moment ass net geplangt d'Aktivitéitszon ZANO mat der RGTR Buslinn 170 ze desservéieren.

Een zousätzleche Busarrêt an der Aktivitéitszon ZANO, deen esouwuel d'Ufuere vun der Aktivitéitszon ewéi och eng attraktiv Fuerzäit fir d'Buslinn 170 erméiglecht, gëtt awer momentan duerch meng Servicer gepréift.

Aktuell kënnen d'Leit déi an der Aktivitéitszon ZANO schaffen op d'RGTR Buslinn 117 Ettelbréck – Fridhaff – Dikrech zeréckgräifen, déi de ganzen Dag am Hallefstonnen Takt fiert an dat an déi zwou Richtungen.

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch